

aus der Groussregioun, do vernetzt sinn, an datt och zum Beispill verschidde Gemengen hiert eegent Holz eeben, dat se an hire Bëscher eraushuelen, verwäerten a verschaffen. Also ass net alles gradesou wéi dat duergestallt ginn ass.

An dowéinst kann een dat och nëmmen e bësse bedauern, well wa mer vun enger Partnerschaft schwätzen, déi mer mat där doter Associatioun hunn, da muss ee sech kënne reegelméisseg doriwwer austauschen – och kritesch selbstverständlech –, wat geschitt. An da soll een net herno iwwer öffentlech Optrëter versichen, dat erëm a Fro ze stellen. Well dat ass en Acteur, dee ganz seriö geholl gëtt, dee mat agebinnen ass, deen all d'Informatiounen huet, déi ech Iech elo hei och ginn hunn, an dee, wéi gesot, ganz seriö geholl gëtt. An dofir ass et vläicht net grad opportun gewiescht, esou Saachen hei duerstellen. Mee déi konnt ech jo elo nach eng Kéier hei richteg stellen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister.

An da komme mer zur Fro Nummer 93 vum Här Dan Biancalana un d'Madamm Justizministesche iwwert déi ugekënnegt Reform vum Code pénal. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 93 du 24 juin 2024 de M. Dan Biancalana relative à la réforme annoncée du Code pénal, adressée à Mme la Ministre de la Justice**

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Wann ech nach ka bieten, e bësse méi roueg ze sinn, well et ass schwéier fir den Orateur, ze schwätzen a sech ze konzentréieren! Merci.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Den 11. Juni huet de Premierminister a senger Ried zur Lag vun der Natioun annoncéiert, datt d'Justizministesche de Code pénal géif reforméieren, fir sou en effikasse Moyen géint déi aggressiv Mendicitéit ze schafen. Dat spigelt awer eigentlech net ganz den Objektiv vun där vun der Justizministesche schon annoncéierter Reform erëm. Do solle jo nämlech déi vereezelten Dispositiounen iwwert de Vagabondage an déi einfach Heescherei aus dem Code pénal erausgeholl ginn, sou wéi ech dat verstanen hunn.

Bon, am Generellen erfëllt den Droit pénal jo verschidde Funktiounen, déi ee muss am Hannerkapp behalen, wann een eng Modernisatioun respektiv eng Reform vum Code pénal mécht. Nieft der Repressioun vu Verhalen, déi an enger Gesellschaft net kënne gedult ginn a mat deenen een awer am Alldag confrontéiert gëtt, ass natierlech och déi preventiv Funktioun fundamental. Normen, déi festgehalen gi vum Legislatureur an deenen ee jo soll nokommen, solle Verhalen bestrofen, déi eng Gefor fir eis Fräiheet sinn, fir eis Integritéit sinn – an och dat an enger demokratescher Gesellschaft –, déi och duerstellen. An zäitgläich sollen natierlech och preventiv an dissuasiv dës Verhalen an Zukunft ënnerbonne ginn. D'Lutte géint solcht Behuelen ass also de But vum Code pénal.

Dofir hunn ech am Fong folgend Froen un d'Madamm Justizministesche, well ech bis dato nach keng Aussoen an deem Kontext, mengen ech, héieren hat.

Wat ass respektiv wat gëtt déi generell Orientéierung, déi generell Ausrichtung – wat ass d'Essenz vun Är Reform vum Code pénal, déi Dir gäre wëllt ënnerhuelen? Soll eppes un der aktueller Ausrichtung um Niveau vum Tarif des peines geännert ginn?

A wat plangt Dir, aus de besteeënden Dispositiounen erauszehuelen? Mee virun allem: Wat soll un neien Dispositiounen erakommen? Wéi genee soll deen effikasse Moyen géint déi aggressiv Mendicitéit ausgesinn?

A ginn nei Delikter geschaaft um Niveau vun der Kriminalisatioun respektiv kënnt et zu enger Verschäerfung vum Strofmooß, notament bei deene bestoenden Infractionen?

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Biancalana. Dann huet d'Madamm Justizministesche d'Wuert.

Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice | Merci, Här President. Merci och, Här Biancalana, fir Är Fro. Dat gëtt mer nach eng Kéier d'Méiglechkeet, genau dat ze soen, wat ech op eng Fro vum Här Sven Clement geäntwert hunn, dee mech nämlech och gefrot hat, wéi déi Reform géng ausgesinn.

En gros wäert et esou goen, datt mer eng Reform an dräi Etappe maachen.

Déi éischt Phas, dat ass déi, déi mer, wéi gesot, elo wäerten nach kënne virum Summer maachen, wou mer eng ganz Rei Dispositiounen aus dem Code pénal sträichen. Dat sinn haaptsächlech Dispositiounen, déi einfach al sinn oder net méi zäitgeméis sinn. Mir profitéieren och vun där Reform, fir Kloeerheet ze schafen am Dossier Mendicité simple, wou, wéi gesot, säit 16 Joer déi Onkloeerheet ass, ob se elo drasteet oder net. Mir wäerten déi dann ee fir alle Mol eraushuelen, a mir wäerten da gläichzäiteg awer d'Mendicité aggressive méi genau definéieren, fir justement och der Police an dem Parquet d'Moyenen ze ginn, dergéint virzegoen. An ech mengen, do hate mer jo och e Konsens hei an der Chamber, datt dat e Verhale wär, wat eebe sollt repressiv belaangt kënne ginn.

An enger zweeter Phas passe mer dann d'Strofmooßen un. Do wäerte mer da kucken, datt och eng gewësse Kohärenz nach ëmmer bäibehale gëtt.

An an enger drëtter Phas wäerte mer kucken, nach eng Kéier iwwert d'Terminologie ze goen, well effektiv eng Rei Wieder, déi benotzt gi sinn, och net méi ganz zäitgeméis sinn.

An deem Kontext wäerte mer och kucken, ob nach nei Infractionne musse bäigesat ginn. Et muss ee sech bewosst sinn, datt entre-temps eng ganz Rei Disposition-pénallen och a Gesetzer stinn. An da muss een awer ... Dat hält e bëssen Zäit fir ze kucken, datt do eng Kohärenz gewährleistet ass, fir datt net dat Eent an engem Gesetz anescht repriméiert gëtt wéi am Code pénal.

Wéi gesot, an dann: D'Mendicité aggressive wäerte mer reegelen am Sënn, datt mer net méi eng Konditioun vun engem Mënsch – nämlech de Fakt, datt en op der Strooss ass a keng Aarbecht huet – repriméieren, well dat dierf net sinn, mee datt mer d'Verhale wäerte repriméieren. An do wäerte mer eis och um franséische Code pénal inspiréieren, deen do och eng Dispositioun bei der Extorsion virgesinn huet. Un där wäerte mer eis inspiréieren.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister.

Vu datt mer elo iwwert eng Stonn amgaang si mat der Heure de questions a vu datt mer eelef Stonnen ...

(Interruption et hilarité)

... eelef Froen hei gemaach hunn, mengen ech, schlësse mer elo d'Froestonn hei of. Dat heescht,

d'Froen, déi net konnten drukommen, sinn op Basis vun eise Chambersreglement heimat eebe vum Ordre du jour erofgehol. Se kënnen awer selbstverständlech nach agereecht gi bei der nächster Froestonn oder, wann d'Auteuren dat mengen, als normal schréfflech Fro. Voilà.

8. 8275 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 février 2015 relative à l'organisation du marché de produits pétroliers

Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour vun de Mëtten. Dat ass de Projet de loi 8275 iwwert d'Versuergungssécherheet vu Pétrolsproduiten. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet 10 Minutten, déi jeeweileg Fraktiounen a Sensibilité 5 Minutten. D'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Félix Eischen, den Här Georges Engel, den Här Tom Weidig, den Här François Bausch, den Här Marc Goergen an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme

M. André Bauler (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet, deen d'Nummer 8275 dréit, soll eng europäesch Direktiv ëmsetzen, déi d'Verpflichtung vun de Memberstaate betrëfft, fir iwwer ee bestëmmte Stock u Pétrol oder Pétrolsproduiten op hirem Territoire ze verfügen. Doduerch soll d'Pétrolsversuergung besser ofgeséichert sinn oder ginn.

Konform zum Gesetz iwwert d'Organisatioun vum Pétrolsmarché muss all Pétrolsimportateur e permanente Sécherheestsstock hunn, deen dem Duerchschnitt vun den deeglechen Importatiounen vu genee 93 Deeg entsprécht. Da gëtt et och nach d'Flicht, fir iwwer eng bestëmmt Quantitéit u Sécherheestsstocken, souwuel um nationale wéi um regionalen Territoire, ze verfügen.

D'Zil vun dësem Gesetzesprojet besteet doranner, fir d'Sécherheet vun der Pétrolsversuergung um nationalen Territoire ze optimiséieren. Esou ass virgesinn, dass de regionalen Territoire ugepasst gëtt. Et ass eng Reduktioun vum Radius, dee vum geografischen Zentrum vu Lëtzebuerg ausgeet, virgesinn, an zwar vun 230 Kilomeeter op 185 Kilomeeter. Da gëtt och nach den nationalen Territoire an dee regionalen Territoire integréiert. Doduerch geet d'Unzuel vun de Länner um regionalen Territoire vun dräi op véier erop, ouni dass d'Notioun vum nationalen Territoire verschwénnt.

Ech gesinn, de Minister wénkt wohlwollend. Dann hunn ech nach näischt falsch gesot.

Dës Entscheedung erlaabt et, d'Distanzen ze kieren, déi a Krisenzäite müssen duerschlaaf ginn, fir d'Sécherheestsstocken, déi sech um regionalen Territoire befannen, op den nationalen Territoire ze kréien. An duersch dës Ännerungen erlabe mir och, dass d'Importateure vum Pétrol hir Sécherheestsstocke kënnen um nationalen Territoire lagere, fir hire obligatoresche regionale Stock gerecht ze ginn; wat eebe virunner net de Fall war.

D'Abannung vum nationalen Territoire an de regionalen Territoire garantéiert eng gréisser Flexibilität um Niveau vun der Konstitutioun vun de Sécherheestsstocken. Da gesäit de Gesetzesprojet och d'Verpflichtung vir, dass déi genau Lokalisatioun vun

den Infrastrukture fir Sécherheestsstocken am Virfeld bekannt muss sinn.

Dëse Projet de loi, dëse Gesetzesprojet soll den 1. Oktober dëses Joers, also 2024, a Kraaft trieden, fir dass d'Operateuren am Secteur eng gewëssen Zäit kréien, fir déi erfuerdert Upassungen duerchzeféieren.

Léif alleguer, d'Ekonomieskommissioun krut zu dësem Gesetzesprojet zwee Avisen eran. Den Avis vum Staatsrot ass datéiert op den 22. Dezember 2023. En huet keng formell Opposition beinhalten. De Staatsrot begréisst dës Initiativ duerchaus, well doduerch d'Importateuren eng gréisser Flexibilitéit hunn, wat de Stockage vum Pétrol um regionalen Territoire ubelaangt.

De Staatsrot freet sech awer, ob d'Reduktioun vu 45 Kilomeeter vum Radius wierklech derzou bäidréit, fir d'Pétrolversuergung vu Lëtzebuerg ze verbesseren, an e freet, wéi dës Wäert festgesat gouf. Doriwwer eraus mierkt de Staatsrot och un, dass een oppasse muss, dass d'Konkurrenz um Maart vum Stockage net a Fro gestallt gëtt, an doduerjer d'Präisser net an d'Luucht ginn.

An der Kommissiounssëtzung vum 21. Mäerz huet de Wirtschaftsministère erkläert, dass d'Reduktioun vum 45 Kilomeeter erausgesicht ginn ass, fir dass Antwerpen a Gent vum Territoire régional ausgeschloss ginn, well et do an der Vergaangenheet zu verschiddene Retarde koum, virun allem duerch de Blocage vun de Pétrolinfrastrukturen duerch d'Protester vun de sougenannte Gilets jaunes oder och duerch een ze déiwe Waasserstand vum Rhäin. Dat war jo an de leschte Joren de Fall, wéi mer esou dréche Summeren haten – dass et dës Joer sou vill géif reenen, domat hat kee gerecht.

(Hilarité)

D'Handelskummer huet hiren Avis den 3. Oktober 2023 eragereecht a begréisst hirersäits och d'Zilsetzung vum dësem Gesetzesprojet, awer virun allem d'Dispositioun, no där déi genau Lokalisatioun vum Stockage am Virfeld bekannt muss sinn.

Mee d'Handelskummer fäert, dass d'Reduktioun vum Radius vum regionalen Territoire d'Konkurrenz um Maart vum Stockage kéint begrenzen a soumat en oligopolistesche Marché kéint schafen, deen zu enger Steigerung vun de Stockagekäschte kéint bäidroen.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. D'DP-Fraktioun, wann Der erlaabt, Här President, gëtt dann och elo schonn den Accord zu dësem Gesetzesprojet. An ech wier frou, wann Dir, Léif Kolleginnen a Kollegen, dat och esou kéint maachen.

Merci villmools fir Är Opmierksamkeet.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauler. Ech soen Iech Merci fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Félix Eischen. Här Eischen.

Discussion générale

M. Félix Eischen (CSV) | Merci, Här President fir d'Wuert. Och wann eis Energiepolitik am Wandel ass a mir zu Recht Alternativen zum Pétrol brauchen – a mir sollen och doranner investéieren –, bleift d'Versuergung mat de Pétrolprodukter strategesch wichteg. Ech mengen, den Här Bauler huet dat jo och elo grad gesot.

Mat dësem Projet de loi brénge mer, wéi de Reporter et erkläert huet, déi strategesch Stocken u Bensinn an Diesel méi no un eis Landesgrenzen erun.

Dat ënnerstëtze mir, well mir musse verhënnere, dass et am Fall vu Blocagë vun den Depoten, zum Beispill duerch Streik et cetera, zu Liwwerenkpäss géif kommen.

Mat dësem Projet de loi forcéiere mer och d'Importateuren, am Virfeld genoe auszeweisen, wou eis Stocke sinn, wat och fir méi Planungssécherheet suergt.

Mir sinn och der Meenung, dass ee weiderhin natierlech soll op d'Dekarbonisatioun setzen an doranner investéieren an esou ewechkomme vun de fossille Brennstoffen. Dat schéngt evident. Dës maache mer, andeems mer d'Elektromobilitéit weiderhi fërderen.

Ausserdeem begrësse mer absolutt d'Fërdere vun der Infrastruktur fir den Hydrogène, un deem seng Zukunft ech perséinlech immens gleewen – ech wëll dat emol eng Kéier hei soen – an déi och vum Wirtschafts- an Energieminister kierlech mam Depot vum Projet de loi iwwert d'Reform vun de Bähëllefen a punkto Ëmwelt- a Klimaschutz annoncéiert gouf.

Mir sinn derfir, dass d'Versuergung duerch Bensinn an Diesel weiderhi geséichert bleift. Mat eiser Politik bleiwe mer op alle Fall fir all ëmsetzbar Alternativ fir d'Zukunft op.

Ech ginn natierlech den Accord vun der CSV zu dësem Projet. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Här Eischen. Dann ass d'Wuert fir den Här Georges Engel.

M. Georges Engel (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech sinn iwwerzeegt, dass an e puer Joer, wa mer eng Kéier iwwert dës Gesetz schwätzen, d'Donnéeën e bëssen anescht sinn, well mer vill méi op renouvelabel Energie wëlle setzen, well mer am Ganze vill méi op d'Dekarbonisatioun am Allgemenge setzen, well mer och vill méi op den Hydrogène setzen. An duerfir wäerten an dësem Gesetz sécherlech ëmmer nees Adaptatiounen kommen.

Well dës Adaptatioun och richtig ass, well se méi Flexibilitéit bitt, ginn ech heimadder den Accord vun der LSAP. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engel. Dann ass d'Wuert fir den Här Tom Weidig.

M. Tom Weidig (ADR) | Jo, merci, Här President. De Prinzip vum deem Gesetz kënne mir natierlech ënnerstëtzen, well d'Zil ass, dass a Krisen an Enkpäss d'Land 93 Deeg laang Pétrol soll hunn. A mir hunn och Obligatiounen bei der EU a bei der NATO an déi Richtung.

Mee ech muss awer soen, wéi ech mer dat Ganzt e bësse méi no ugekuckt hunn, do war ech schonn erstaunt, dass all déi Reserven haut net an eisem eegene Land sinn. Ech mengen, et ass natierlech gutt, wa mer vum 230 Kilomeeter erfonginn op 185, dann hu mer scho manner Problemer. Mee am Fong hu mer, wa mer wierklech éierlech sinn, keng wierklech sécher Reserven. An dass dat Ganzt e bëssen eng Fata Morgana ass, dat hu mer jo bei der Pandemie gesinn, an och bei der WM hu mer gesinn, dass een d'Grenzen einfach zoumaache kann. A bei enger Katastroph, enger Naturkatastroph, do kéint d'Musel eventuell gefruer oder blockéiert sinn oder et kéint eventuell och aner Problemer ginn.

Duerfir wär et definitiv besser, wa mer déi Reserven hei am Land hätten, op eisem Nationalterritoire, well da kéinte mir dorop zougräifen, wann et Problemer géif ginn. An der Zukunft hu mer déi och eventuell, zum Beispill, wann ee Krich géif kommen. Mir hu jo elo mat der Ukrain a mat Russland eng Destabiliséierung. Et weess een ni, wat ka passéieren. Mir hoffen

natierlech, dass näischt passéiert, mee et weess een et ni. A mir hunn natierlech och dee Problem, dass eventuell all déi Reserven als Optioun existéieren oder als Urecht um Pabeier, mee awer eventuell net als Ueleg an iergendengem Tanklager hei zu Lëtzebuerg sinn.

Do kann ee sech natierlech och d'Fro stellen, firwat dass mer net méi grouss Tanklageren hei zu Lëtzebuerg hunn. Zum Beispill war jo och am Gespréich, dass mer zu Mäertert e grouss Lager sollten hunn. Mee dat ass jo anscheinend och gescheitert un der Gemeng Gréiwemaacher an hirem fréiere Buergermeeschter.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Tom Weidig (ADR) | Duerfir, am Prinzip ass et eng gutt Saach, mee well mir halt mengen, dass mer eis e bësse méi misste fokusséieren a méi Reserven an eisem Nationalterritoire missten hunn, wëlle mir eis enthalten.

Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Weidig. Dann ass d'Wuert fir den Här François Bausch. Här Bausch.

M. François Bausch (déi gréng) | Merci, Här President. Heiansdo, wann ech verschidde Leit héiere schwätzen, da kann ech nëmme staunen.

Une voix | Mir och!

M. François Bausch (déi gréng) | Éischtens emol, wa mer schwätze vu Pétrolreserven, da schwätze mer vu Pétrolreserven, déi mer jo souwisou net hunn! Well mir hu kee Pétrol! An a ganz Europa sinn och net vill Länner, déi Pétrol hunn.

Dat heescht, déi éischt Fro, déi ee sech muss emol stellen, wann een doriwwer diskutéiert a wann ee wëllt dovunner ofhängeg bleiwen, ass, wou mer an Zukunft dann iwwerhaupt de Pétrol wëllen hierkréien. Dat ass emol dat Éischt.

Et gëtt ëmmer esou gemaach, wéi wa mir esou quasi am Éislek iergendwou och kéinten ufänken ze bueren, da géife mer iergendeng Pétrolsquell fannen. Ech mengen, mir wëssen all, dass dat net de Fall ass.

(Hilarité)

Dat Zweet ass: Ech wonnere mech driwwer! Well ech hunn deen Dossier hei scho laang suivéiert, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech hunn dee suivéiert laang Zäit an der Opposition, duerno am Schäfferot an der Stad Lëtzebuerg, duerno an der Regierung. A wann hei gesot gëtt, vun enger gewëssener Säit, et wär besser, mir hätte méi Pétrolslageren a Pétrolstanken, da sinn ech iwwerzeegt, dass déi, déi dat soen, wa mer e Site géifen definéieren, wou se géifen hikommen, déi éischt wieren, déi mat de Biergerinitiativen op de Barrikade géife stoe fir ze verhënnere, dass se iwwerhaupt zustane kommen.

(Interruption)

Well de Problem ass jo deen, Här President, et ass alles schéin a gutt fir ze soen: „Mir hätte gär Pétrolslageren a mir lagere gär iwwerall!“, mee et muss och nach iergendwou e Site fonnt ginn. An da mussen d'Leit och nach domadder d'accord sinn! An ech hunn do iwwert déi lescht 25 Joer nëmme Saachen erlieft, déi an eng aner Richtung gaange sinn.

Duerfir, wannechgelift, ech fannen ...

(Interruption par M. Michel Wolter)

Nee, entschëllegt, dass richteg, mir hunn ee Buergermeeschter heibannen, dee war derfir, dee war d'accord, ...

Une voix | Dee war d'accord.

M. François Bausch (déi gréng) | ...jo, dee war d'accord, dat war eng wäertvoll Ausnam.

(Hilarité et brouhaha)

E war d'accord, e war d'accord.

(Interruption par M. Michel Wolter)

Et ass ëmmer, Här Wolter, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... et ass ëmmer gutt, et sinn der ëmmer, déi d'Ausnam duerstellen, dat ass richtig.

(Interruption par M. Michel Wolter)

Mee Dir sidd awer wirklech eng Ausnam an där Hinsicht.

Fir de Rescht fanne mir dee Projet hei natierlech gutt, well d'Welt ass ronn, och wa verschidde Leit mengen, d'Welt wär platt an net ronn. Mir mengen, datt se ronn ass, a well se ronn ass, dréit se, a si dréit weider, a si dréit och technologesch weider, an ech mengen, datt mer hei déi richtig Decisiounen huelen.

Et ass wichteg, datt mer Reserven hunn. Effektiv, souguer déi Zäit, déi drasteet, do kann ee soen: „Dat ass vill!“ Mee deemno, wat géif passéieren, kann et schonn enk ginn, dat ass richtig. Mee mir fannen awer, datt dee Projet hei an déi richtig Richtung geet, well en einfach och d'Zukunft mataplangt. An duerfir si mer och derfir.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bausch. Dann ass et um Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Och mir wäerten e matstëmmen, och wa mer gären eng aner Strategie fir eis Fortbewegungsmittelen hätten. Et ass jo e bësse paradox, dass mer eis Reserven elo méi no huelen, well duerch de Klimawandel d'Schéffer net méi kënne fueren an deementsprechend mer dat heiste Gesetz musse maachen. Well de Klimawandel weist eis, dass de Pétrol net méi soll weider benotzt ginn!

Ech sinn och frou, dass a menger Nopeschgemeng zu Käerjeng keen neit Pétrolslager entstanen ass, well mir Piraten sinn der Meenung, dass et en Auslafmodell ass an dass et net d'Zukunft ass.

Ech weess, d'ADR gesäit dat anescht. Si géife gären an all Gemeng elo Pétrolsreserve bauen. Dat ass och Äert politesch Recht. Do däerf jo jidderee maachen an denken, wéi e wëll.

Mir stëmmen dat heite mat, och wa mer der fester Iwwerzeegung sinn, dass mer geschwé wäerten aus dem Pétrol eraus sinn.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. An dann ass et um Här David Wagner.

(Interruption)

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir wäerten dëse Projet de loi och matstëmmen, mee mir wollten natierlech och e puer Gedanken mat op de Wee bréngen.

Wa mer eis dee Projet de loi ukucken, da kënnt een tatsächlech net derlaanscht, fir e puer Remarken ze maachen. Den Här Rapporteur ass jo drop agaangen, en huet zwou Ursache genannt, firwat d'Regierung déi Gesetzesinitiativ geholl huet: et sinn enger-säits zum Beispill déi sozial Konflikter a Frankräich – en huet vun de Gilets jaunes geschwat – an dann anerersäits och de Peegelstand vum Rhäin, deen eeben erofgeet. Den Här Goergen ass e bësse dorop agaangen.

Ech wäert dat och maachen, well, jo, d'Verbrenne vu Pétrol setzt CO₂ fräi. An den CO₂, deen do fräigesat gëtt, perturbéiert de Klima, bréngt de Klima duerjerneen. Dat ass e wëssenschaftleche Fakt, dee keen a Fro stellt, op jiddwer Fall kee mat gesondem Mënscheverstand. An doduerch, datt de Klima duerjernee geréit, kënnt et natierlech dann och zu soziale Konflikter. Well d'Gilets jaunes, dat hat jo och eppes domadder ze dinn, mat der CO₂-Tax et cetera. Da kënnt et zu soziale Konflikter. An et kënnt dann eeben och zu natierleche Phenomeener wéi dem Peegelstand vum engem Floss, deen erofgeet.

Déi Fro stellt sech natierlech och bei Atomenergie, well Atomenergie funktionéiert jo och mat Waasser, dat vun de Flëss kënnt.

Dat heescht, jo, do hu mer e Problem. Mir sinn nach ëmmer ofhängeg vum Pétrol, an déi Ofhängegkeet wäert deemno wéi nach méi sozial Konflikter produzéieren an nach méi natierlechen Duerjerneen. Dat huet och domadder ze dinn, datt mer vill ze vill lues mam Ausbau vun den erneierbaren Energie virginn, vill ze vill lues si bei der Renovation vun de Gebaier, vill ze vill lues bei der Dekarboniséierung vun eiser Industrie, vill ze vill lues beim Ausbau vun den effentlechen Transportmittelen. An dofir bleiwe mer dann ze vill ofhängeg vum Verbrenne vum Pétrol, deen een d'ailleurs aneschters kéint asetzen. Mee dat ass nach eng aner Diskussioun.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Dann hu mer d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An dann hätt d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Ech soe fir déi grouss Zoustëmmung villmools Merci. Ech mengen, dass dat heiten e Gesetz ass, dat eebe grad d'Versuergungssecherheet fir Lëtzebuerg nach eng Kéier garantéiert, andeem mer et méi rapprochéieren, an ech mengen, dass dat scho vun alleguerten de Riedner ugeschwat ginn ass.

Et ass awer och en Text, deen an enger Linn ass domat, dass mer op den 1. Januar 2024 e Règlement grand-ducal geholl hunn, fir och do schonn Adaptatiounen ze maachen. An dat ass déi Fro, déi de Rapporteur opgeworf huet, wou et drëm geet: Wéi vill Sécherheet hu mer dann zu Lëtzebuerg um nationalen Territoire? Do ass vum 1. Januar un deen Delai vun 8 Deeg, déi mer mussen um Territoire national hunn, op 10 Deeg schonn eropgaangen. An do ass och schonn opgemaach ginn, dass mer eeben och méi kënne an d'Groussregioun eriwergoen, fir déi Stocken unzeleeën.

Ech wëll just hei bei där Diskussioun, déi opgeworf ginn ass, firwat mer dann net méi hei zu Lëtzebuerg bauen, den Appell maachen un déi Partei, déi dat lancéiert: Dir sidd jo selwer och a Gemengeréit vertrueden, Dir kënnt jo do ganz gäre Motiounen mat erabrénge, fir dass dann an deene Gemenge sollen d'Tanklageren ausgebaut ginn. Wann Der dann do positiv Äntwerten hutt, kommt Der bei mech, ganz gären!

(Hilarité)

Da kënne mer driwwer diskutéieren. Mee bis dohinner, mengen ech, ass de Wee, fir eis strateegesch Stocken opzebauen, net dee vu méi Stocken um Territoire national opzebauen. Mee de Wee dohinner ass fir ze soen, dass mer dekarboniséieren, andeem mer manner verbrauchen a soumat dann och de Stock,

dee mer brauchen, wäert erofgoen an dass et dann e ganz anere Wäert ass.

En attendant waarden ech dann dodrop a soe Merci fir déi breet Zoustëmmung.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. An domat ass d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

An éier mer elo zum Vott iwwert de Projet de loi kommen, froen ech Iech, ob Der alleguer agelogg sidd op Äre Posten, fir datt mer dee Vott och kënne uerdentlech duerchféieren.

Wann dat de Fall ass, da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8275. Den Text steet am Document parlementaire 8275³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8275 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration. An de Vott ass elo ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 55 Jo-Stëmmen, 5 Abstentionen a keng Nee-Stëmm. Dëse Projet de loi ass also ugehall mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Abstentionen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen (par M. Laurent Mosar), Alex Donnersbach (par M. Félix Eischen), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen (par Mme Stéphanie Weydert), Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler (par M. Maurice Bauer), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) ;

MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Ben Polidori), Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

9. 8375 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement secondaire classique

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 8375 iwwert d'Aféierung vun dräi neie Sektionen am Classique. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an also déi selwecht wéi beim Projet virdrun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, d'Madamm Francine Closener, den Här Fred Keup, den Här Meris Sehic, den Här Ben Polidori an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Barbara Agostino. Madamm Agostino, Dir hutt d'Wuert.